



Mä wann Der wëllt, kënnen mer awer och nach gär eng Debatt iwwert déi Sitten an hir Protagonisten, respektiv déi, déi sech dergéint wieren, féieren. Mä ech mengen net, dass dat an de Kader vun deem heite Gesetz passt.

Mä eent ass kloer: wa mer déi Agence de stockage do grënnen, dass mer och parallel musse Sitten hunn, wou mer de Stockage pétrolier kënnen assuréieren. An ech mengen, dass eng Rei Riedner dorobber agaange sinn.

Merci.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, ech wollt dem Här Schneider dorobber äntweren, dass ech a kengem Moment gesot hunn, hie wär do gewiescht. Ech hu gesot: „D'Regierung war do mat zwee Ministeren“, an ech hunn him kee Reproche gemaach. Ech hu just d'Fro opgeworf, wann de Stat vun de Gemenge gäre Saachen hätt an et kritt ee véier Joer, nodeem ee gebiede gouf, innerhalb vun enger Woch ëffentlech Versammlungen ze maachen - véier Joer duerno, egal, wien de Minister ass, egal, wat fir eng Faarf dass et ass -, als Gemeng ni méi e Feedback - ni méil -, ech hunn d'Fro gestallt: „Fannt Der dat seriö?“

Meng Äntwert ass: Ech fannen dat net seriö! Besonnesch wa jiddwereen heibanne seet, wéi noutwendeg et ass, wéi wichteg et ass, dass mer déi Lager hunn. Et gëtt een zesummegetrommelt an duerno geschitt näischt méi!

Wann also d'Regierung sech heiansdo wonnert, dass d'Gemegepolitiker - dat war eigentlech de Message, deem ech dem Här Minister wollt ginn - net méi esou schrecklech begeeschtert sinn, fir eng Rei Saachen ze maachen, da soll ee sech heiansdo d'Fro stellen, firwat dass dat ass! An deem heite präzise Punkt hunn ech eng ganz konkret Äntwert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech mengen, de Message war kloer, an ech mengen, de Message ass och verstanen. Dofir kënnen mer...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Ech mengen, de Message, dee gëllt jo da fir een CSV-Minister an ee freieren LSAP-Minister. Mä ech huelen en awer gäre mat op de Wee fir dann d'Zukunft.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech wëll just soen, dass den Energieminister responsabel ass fir d'Implantatioun vun den Tanken. Den CSV-Minister, deem Dir gemengt hutt, ass responsabel fir de Contournement vun der Strooss. Ech wëll lech just ganz kloer soen, wéi d'Rollenopdeeling war an ass!

(Brouhaha général)

► **Une voix**.- Ech schenken dem Här Wolter meng Tanken.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, doriwwer kënnen mer och nach eng Kéier en Débat maachen, mä mir sinn awer haut den Owend um Enn vun deem ukomm an ech géif dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6533 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6533 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl. 34 hu mat Jo gestëmmt, bei 23 Abstentiounen. Ech ginn dovunner aus, dass d'Abstentiounen motivéiert sinn.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc

Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ech wollt awer trotzdem froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

(Interruption)

Jo, et war zwar en zaghafte Jo, mä et war e Jo.

Da soen ech lech Merci, a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet 6667, eng Ofännerung vun enger Direktiv iwwert d'Autorerechter. An do huet direkt d'Wuert de Rapporteur, den Här Claude Haagen.

5. 6667 - Projet de loi portant transposition de la directive 2011/77/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 2006/116/CE relative à la durée de protection du droit d'auteur et de certains droits voisins et ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6667 huet als Objet, d'EU-Direktiv 2011/77 ëmzesetzen an dat bestehend Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwert d'Droit-d'auteurs, d'Droits voisins an d'Bases de données ze änneren, fir datt eis national Gesetzgebung konform zu dësen europäeschen Normen ass. Déi nei Direktiv modifizéiert och déi al Direktiv 2006/116, déi d'Dauer vum Schutz vum Urheberrecht concernéiert.

Dëse Projet de loi gouf de 17. Mäerz 2014 vum Wirtschaftsminister déposéiert. D'Ekonomieskommissioun huet sech déi Éischte Kéier den 2. Oktober 2014 mat dem Projet auserneegeat, an den Avis vum Statsrot ass op deem Datum an där Kommissioun analyséiert ginn. De 25. November 2014 huet de Statsrot an engem Avis complémentaire d'Amendementen positiv aviséiert, an d'Kommissioun huet dëse Rapport vun dem Projet de loi de 15. Januar vun dësem Joer ugeholl.

D'Direktiv 2011/77 hätt scho sollen den 1. November 2013 transposéiert sinn. Dowéinst krute mer de 16. Oktober 2014 en Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun. An deem Kontext soll awer och gesot ginn, datt mer hei zu Lëtzebuerg net vill Jurisprudenzen an dësem Domän verlieden hunn, soudatt d'Regierung op d'Transpositioun vun dëser Direktiv vun eise belschen a franséischen Nopere gewaart huet.

Den Haaptobjektiv vun dëser Direktiv an domadder dësem Projet de loi ass, de Kënschtler an Duersteller, also deene Leit, déi virdroen, en adequaten Niveau u Schutz ze garantéieren. Heimadder soll hir kreativ kënschtleresch an artistesch Kontributioun a Leeschtung unerkannt ginn. A genau dowéinst soll ënner anerem och d'Dauer vum Urheberrecht verlängert ginn. Fir prezis ze sinn, hei geet et ëm Kënschtler, déi vun den Droits voisins, oder aneschtens genannt dem Leeschtungsschutzrecht, profitéieren.

Ech erënneren drun, datt Lëtzebuerg schon 1997 d'Dauer vun der Protektioun vun 20 op 50 Joer fir déi ausübend Kënschtler an Tounträgerproduzenten, also am Audiobereich, verlängert huet. Elo gëtt déi Dauer, an dat ass am Fong den Haaptmessage, op 70 Joer eropgesat. Dëst ass e vertriebbar Schrëtt, wann ee bedenkt, datt d'Kënschtler ëmmer méi jonk ufänken an datt d'Dauer vun deene 50 Joer ze kuerz ka sinn, fir vun deene Revenue vun hire Wierker bis zum Liewensenn ze profitéieren.

No der Prestatioun oder der Verëffentlechung fänkt d'Urheberrecht beim Kënschtler, beim Artist un. Wat d'Produzente vu Phonogrammen ugeet, also och Audio-Opzeechner genannt, gëtt fir si d'Dauer och op 70 Joer verlängert, ausser si hätten net an deenen éischte 50 Joer eng zoulässeg Kommunikatioun gemaach.

Kënschtler hunn an der Realitéit oft Schwierigkeiten, d'Revenue vun hire Wierker bis zu hirem Liewensenn ze kréien, oder Problemer, fir hir Rechter anzekloen, dëst ass Käschtegrënn, Noweisgrënn oder Zäitgrënn.

D'Artiste brauche schon eleng aus soziale Grënn eng finanziell...

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir Lexen aus der zweeter Reil

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Da sinn ech frou, datt ech an der éischter Rei sinn.

(Hilarité)

Wéi gesot, d'Kënschtler hunn oft Schwierigkeiten, d'Revenue vun hire Wierker bis zu hirem Liewensenn ze kréien, oder Problemer, fir hir Rechter anzekloen. Dat hunn ech elo grad gesot. Dofir brauche se schon eleng aus soziale Grënn eng finanziell an eng zäitlech Ofsécherung vun eben hire Wierker. Dës a weider Ännerunge féieren dozou, datt et an deem Domän vill méi gerecht zougeet.

Ech wëll hei nëmmen op e puer Punkte vun dësem Projet de loi ganz kuerz agoen. D'Ofsécherung gëtt also am Audiobereich, bei den Tounträger, vu 50 op 70 Joer gehuewen. D'Rechter an d'Protektioun vun de Filmproduzente bleibe bei 50 Joer.

D'Kënnegung vun de bestehende Kontrakter tëschent den Artisten an de Kënschtler mat de Producteuren ass an der internationaler Konvention zum Schutz vun den Artisten verankert an och determinéiert. No engem Préavis vun engem Joer kann dëse Kontrakt gekënnegt ginn, wann de Producteur oder de Radiosender hir Obligatiounen net anhalen.

En anere Punkt betrëfft d'Cessiounskontrakter oder d'Transferrechter tëschent de Producteuren an den Artisten. De Producteur muss 20% vum Total vun de Rechter - Distributiounsrechter, Reproduktiounsrechter, d'Mise à disposition an esou weider - garantéieren, an dat fir all ganz Joer no deene virgenannte 50 Joer.

Mat dësem Projet de loi gëtt och de Prinzip agefouert, datt d'Artiste während der Verlängerung vun hire Rechter Redevancen oder Rémunératiounen kréien, déi net an de bestehende Kontrakter waren oder definéiert sinn.

D'Harmonisatioun vun der Dauer vun der Protektioun vun de musikalesche Kompositiounen, wou Musek an Texter entstane sinn, fir zesummen opgefouert oder gespillt ze ginn, ass e weidere Punkt vun dësem Projet de loi. D'Ënnerscheeder, d'Differenze vun der Protektiounsduer an der Gesetzgebung vu verschiddenen europäeschen État-membré souwéi de Principe vun der libre Circulation vun de Services a vun de Wuere brénge mat sech, datt d'Rechter während 70 Joer nom leschte Verstuerwenen, an dësem Fall entweder dem Auteur vum Text oder dem Compositeur vun der Musek, garantéiert sinn.

All weider Detailer zu dësem Projet de loi fannt Der a mengem schrëftleche Rapport, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Haagen. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Fir d'Alleréischte Merci dem Rapporteur, deem an engem technesch schwierge Sujet eng exzellent Aarbecht gemaach huet, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Mir wäerten och dee Projet stëmmen, allerdings net mat där allergréisster Begeeshtung. Net wéinst deem heite Projet, mat deem mer parfaitement kënnen liewen, mä et muss ee jo wëssen: Hei geet et elo just ëm d'musikalesch Rechter an déi, déi dovunner ofhänken. Déi nächst Etapp wäert kommen. Do kommen dann och all déi aner Leit, déi Autorerechter ze kréien hunn, nottament am Film, am Bild. Déi wäerten natierlech elo déiselwecht Extensioun vum Délai froen. An do muss eiser Meenung no awer iergendwéi eng Kéier eng Brems ageleucht ginn.

A mir hunn an der Kommissioun vun deem zoustännege Beamten och héieren, datt d'Positioun vun der Lëtzebuergescher Regierung elo net onbedéngt eng wär, déi géif doranner bestoen, ëmmer do matzelafen, well si och déi dote Schwierigkeiten gesäit. Dofir wëlle mir nach eng Kéier op deen dote Punkt insistéieren, datt een awer muss e bësselche versichteg sinn, well mir sinn amgaangen, eigentlech dee ganzen Esprit an d'Essenz vun den Autorerechter hei bei hirer Substanz ze huelen.

Dann eng zweet Bemierkung, Här Minister, wou ech wëll dovu profitéieren, fir op e Problem opmierksam ze maachen, dee mer scho ganz laang an dem Land hunn an dee mer net richteg geléist kréien: Dat ass d'Problematik vun den Autorerechter bei de Kabeloperatiounen.

Do ass et nämlech nach ëmmer esou, datt an de Kabelnetzer eng ganz Rei vu Programmen net kënnen legal agespeist gi wéinst enger Thematik vun Autorerechter. An do besteet dann natierlech eng Konkurrenz mat de Satelliten, déi deen dote Problem net hunn, wat derzou féiert, datt de Kabel ëmmer manner attraktiv gëtt, de Satellit méi attraktiv gëtt. Wat awer - an ech gesinn d'Ëmweltministesch doniewent

setzen - net onbedéngt gutt ass fir d'Ëmwelt, wa mer do zu enger Multiplikatioun vu Satellitenantennen op den Diech, niewent den Diech, op de Fassaden an an de Gäert kommen.

Dofir nach eng Kéier, Här Minister, et wär vläicht net schlecht, wann Der géift deen ähnlechen Exercice maachen, deem Der an engem aneren Domän gemaach hutt, nämlech deem zoustännege Kommissär eng Kéier e Brëf schreiwen, fir dorop opmierksam ze maachen, datt hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Programmen net kënnen agespeist gi wéinst Autorechter. An ech ginn lech just ee Programm, wat awer net deem am mannste wichtege ass, dat ass d'BBC. Déi kann, leider, nach ëmmer hei net agespeist ginn.

A wéi gesot, dofir deen Appell un de Minister, deem, wat ech och weess, eng Sensibilitéit fir dee Sujet huet. Et wär gutt, wann Der do nach eng Kéier géift hannert deen zoustännege Kommissär goen.

Dat gesot, wäerte mir dee Projet stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. Nächste Riedner ass den Här André Bauler.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt d'Geleeënheet notzen, fir dem Claude Haagen, dem Rapporteur, Merci ze soe fir säi Rapport.

Erlaabt mer nach e puer Gedanken. Nom Zweete Weltkrich huet d'SACEM zu Lëtzebuerg ugefaangen, d'Droit-d'auteurs vun de franséische Chansonnieren anzekasséieren, déi op Radio Lëtzebuerg gespillt goufen. E grouse Meilestee war dann och deem, wéi d'SACEM 2003 zu Lëtzebuerg eng eegen Entitéit geschaaft huet. Op d'Beméie vu véier Leit, déi an der Musekszeen zu Lëtzebuerg beschteens bekannt sinn, an zwar de Bob Krieps, de Gast Waltzing, den Alexander Mullenbach an den Olivier Toth, ass d'SACEM Luxembourg als Société civile enstane.

Dëst huet et erlaabt, datt d'Redistributioun vun den Droit-d'auteurs endlech der Lëtzeburger Realitéit Rechnung gedroen huet an déi einheimesch Kënschtler méi dovunner haten. Zanterhier ass d'SACEM Luxembourg zu Lëtzebuerg zoustänneg, fir d'Rechter vun den Auteurs, de Compositeuren an Éditeurs am Museksbereich ze verdeedegen. Si suert derfir, datt dës eben eng gerecht Bezuelung fir hiert kënschtleresch Schafen erhalen. Fir Lëtzeburger Kënschtler ass dat eng wichteg finanziell Ënnerstützung, déi et hinnen erlaabt, weiderhi kreativ tätég ze sinn.

Momentan zielt d'SACEM Lëtzebuerg iwwer 800 Memberen, déi 2014 zesummen iwwer eng Millioun Euro u Droit-d'auteurs ausbezuelen kruten. Jiddwereen, dee Musek ofspillt, muss dës Droit-d'auteurs un d'SACEM bezuelen. Dat gëllt net nëmme fir d'Télee an d'Radiosenderen, mä awer och fir all Buttek, Restaurant, Café, Buvette an Disco, an och aner Geschäfte natierlech.

Dës Sue ginn dann no engem Schlëssel, deem der Realitéit vun der Diffusioun Rechnung dréit, un d'Auteurs vun de Wierker weiderginn. Esou muss zum Beispill en Duerfveräin, deem e Bal organiséiert, 6,41% vun de Recetten op den Entréesbilleeën un d'SACEM bezuelen. Mellt den Organisateur de Bal am Virus bei der SACEM un, esou kritt en eng Remise vun 12,5%.

Här President, d'Haaptuleies vun dësem Gesetz, wat d'Direktiv 2011/77 ëmsetzt, ass eben, fir, et ass gesot ginn, d'Dauer vum Schutz vun den Droit-voisine vu 50 op 70 Joer ze erhéien. Et muss ee wëssen, datt d'Droit-d'auteurs elo schonns bis 70 Joer laang nom Doud vum Auteur geschützt sinn. Den Ënnerscheed tëscht den Droit-d'auteurs an den Droits voisins ass eben deem, datt d'Droits voisins nottament un d'Interpreten an d'Produzente vu Lidder oder Texter ginn, déi en Auteur geschaaft huet an déi also scho bestinn.

Et muss ee wëssen, datt, wat d'Droits voisins ugeet, also d'„verwandte Schutzrechte“, wéi déi Däitsch dat nennen, Lëtzebuerg eent vun de weénege Länner ass, wou dës guer net opgehuewe ginn. Et gëtt effektiv keng Firma zu Lëtzebuerg, déi sech dorobber spezialiséiert huet. Dat heescht, datt e Lëtzeburger Interpret, ob dat e Rockmuseker, en Cellist aus dem OPL, e Gittarist aus engem Jazzensemble oder all anere Performer ass, keng Droit-voisinen aus enger Lëtzeburger Perception kritt, obwuel him dës Rechter eigentlech genausou wéi engem Créateur-auteur zoustinn.

D'Lëtzeburger Musekszeen ass déi lescht Joren awer esou gewuess an huet sech och esou diversifizéiert, datt et un der Zäit wier, datt dës Kënschtler och hir gerecht Rémunératioun kréien. Lëtzebuerg ass e Land, wou de Schutz vun der Propriété intellectuelle groussgeschriwwen gëtt. Dëst si Wäerter, déi och mir als



Demokratesch Partei verteidegen an ëmmer nees verteidegt hunn. Dofir wier et och nëmmen normal, wann d'Droit-voisinen och hei zu Lëtzebuerg un eis Kënschtler géifen ausbezuelt ginn. Leider ass, wéi gesot, nach keen do, deen dëst mécht, wéi d'SACEM dat bei den Droit-d'auteurs ganz gutt mécht.

Et muss ee wëssen, datt d'Interpreten dat net selwer an d'Hand huelen. Dat muss schonns an der Form vun enger Gestion collective gemaach ginn. Ech hoffen, datt d'Basis, also déi concernéiert Kënschtler aus der Musekszeen, genau wéi dat och bei der SACEM 2003 geschitt ass, sech staark maachen, fir sech fir hir Rechter anzsetzen, an datt esou eng Firma erkennt, datt d'Lëtzebuurger Musekszeen et derwärt wier, fir hei och d'Droit-voisinen anzessammelen an auszebezuelen.

Ech fannen et nämlech fundamental, datt och hei zu Lëtzebuerg all Rechter rémunéiert ginn, siefen dat déi vum Auteur oder déi vum Interpret oder Produzent. D'Droit-d'auteurs an d'Droit-voisine ginn Hand an Hand.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der demokratescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bauler. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeinnen a Kollegeen, e grouesse Merci un de Rapporteur fir säin ausféierleche schréfftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif weider keng Ausféierung méi zu deem Projet de loi ginn an d'Zoustëmmung vun eiser grénge Fraktioun dozou ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Nächste Riedner ass... - ah, ech hat den Här Kartheiser hei stoen - den Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Mir wäerten als ADR dësen Text stëmmen, deen exzellent ass. Effektiv, ouni Droit-d'auteurs, siefen dat elo Droits d'auteur proprement dits oder Droits voisins, gëtt et keng Kreatioun. D'Essenz ass d'Rémunération vum Schafenden, vum Konschtschafenden, vum Komponist, vum Auteur, vum Interpret. An dat ass esou e wichtegt Uleies, datt mer dat onbedéngt sollten hei ënnerstëtzen.

Nodeem den Här Mosar eng Lanz gebrach huet fir d'Kabelbedreiwer an den Här Bauler fir d'SACEM an am Rahme vun der Transparenz iwwer eise Lobbyismus deklaréieren ech dann, datt ech Membre associé si vun der SABAM. Voilà.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. No dësem kollektiven Outing...

(**Hilarité**)

...géif ech da froen, ob nach eng Wuertmeldung do ass.

Dat ass net de Fall. Dann huet de Minister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Ech soen dem honorabele Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schréfftleche Rapport. Och alle Spriecher vun deene verschiddene Fraktiounen soen ech e Merci, an och dem Här Mosar. Seng Kritik ass gehéiert. An ech ginn em och recht. Mir selwer waren als Regierung och net ganz glécklech iwwert den Detail vun där doter Direktiv, hunn eis awer leider op europäeschem Niveau net zu méi kënnen duerchsetzen oder net méi wäit kënnen duerchsetzen. Mä mir wäerte weider do en A drop halen.

An domat soen ech lech alleguerte Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6667 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6667 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Deputéierter hu selwer oder par procuration um Vote deelgeholl an 58 hu sech der mat Jo ausgedréckt. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel

Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se d'Dispens gëtt.

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum virleschte Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6700, en Amendement zum Kyoto-Protokoll. An ech wollt direkt drop insistéieren, dass dëse Projet laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme brauch. De Vote par procuration ass hei net zougelooss, soudass jiddweree weess, wou en drun ass. An de Rapporteur, den Här Henri Kox, huet direkt d'Wuert.

6. 6700 - Projet de loi portant approbation de l'amendement au Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, adopté à Doha le 8 décembre 2012

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Da kann ech d'Ried op deem Punkt e bësse verkierzen, dann ass dat scho gesot. Effektiv geet et ëm d' Ratifikatioun vum Kyoto-Protokoll, an dëst vun der Convention-cadre vun der UNO, déi den 8. Dezember 2012 zu Doha geholl ginn ass.

Dir hutt an de leschten Deeg oder Wochen an der Press kënnen liesen: Sait 2000 waren all déi Joren hannendrun déi wärmste seit der Klimamoossung. Insbesondere 2014 war eent vun deene wärmsten, an dat och net nëmmen international an deenen anere Länner, mä och hei zu Lëtzebuerg. Dat kënnt net vun ongeféier an et gëtt och schonn des Éftere confirméiert a ganz renomméierte wëssenschaftleche Rapporten. Dee leschte Rapport, deen erauskomm ass, dat ass dee vun der UNO, vun de Klimaexperten, deen am Oktober erauskomm ass. Dat war de fënnefte Bericht successiv, deen dat nach eng Kéier bestätegt.

Wat huet dee Bericht gesot? Dräi Moosname vläicht, déi wichteg sinn: Éischstens, de Klimawandel ass eendeiteg. A sait 1950 gëtt en och successiv bestätegt. Fir d'Zweet ass e vu Mënschenhand gemaach, an dat ass och eppes, wat och haut net méi contestéiert gëtt. An drëttens, dat ass, dass d'Länner alleguerten opgefuerdert ginn, eppes ze ënnerhuelen. An dat ass och nach eng Kéier zu Lima am Dezember vun deenen 195 Länner, déi an deem Accord mat verhandelen, bestätegt ginn.

Dat heescht fir eis a fir mech ganz perséinlech, dass d'Lutte géint de Klimawandel eng Prioritéit muss vun all de Regierungen sinn. Dat soll och eis Chamber interesséieren. Dofir hu mer jo och en Débat d'orientation mat Rapport geplangt, dee mer hoffen, virum Summer awer kënnen hei dann ze debattéieren an dann och Moosname fir Lëtzebuerg kënnen auszuféieren.

Wat seet dat Gesetz selwer? Dir wësst, dass de Klimawandel seit 1992 an der Diskussioun ass. An dat ass duerch déi Convention-cadre vun der UNO an d'Liewe geruff ginn. '94 gouf se hei zu Lëtzebuerg ratifizéiert, '95 ginn eréischt d'Diskussiounen un a '97 si mer eréischt a sech zu deem Kyoto-Accord komm.

Wat huet dee gesot? Deen huet a sech gesot, dass all d'Länner, déi dee ratifizéieren - dat waren a sech d'Industriellänner -, 5% vun hire klimaschiedegende Gasen an der Period 2008 bis 2012 sollte reduzéiere par rapport zum Joergang 1990.

Et hätt sollen zu engem zweete Kyoto-Accord kommen, an dat no 2012. Et ass awer net zu deem Accord komm. An dofir ass et just zu engem Amendement zu deem Kyoto-Accord komm. An dat ass dat, wat mer haut ratifizéieren.

Wat huet dee gesot? Deen huet gesot, dass dann d'Period vun 2013 bis 2020 leeft an net méi 5% musse reduzéiert ginn, mä am Ganzen 18%. Dat heescht, et ass an d'Luucht gaangen. Et ass awer och nach e weidere Klimagas derbäikomm, dat ass de Stickstofftrichlorid. Ech wëll déi aner Stoffer net mat opzielen, mä dee bekanntesten ass den CO₂, deen am meeschten ëmmer an de Mënnern ass.

Wéi gesot, et muss ratifizéiert ginn, fir dass e kann ugewannt ginn, dësen Accord, dat heescht, op d'mannst vun dräi Véirels vun deenen 192 Länner, déi deemools de Kyoto-Accord mat ënnerschriwwen hunn.

Wat heescht dat fir d'Europäesch Gemeinschaft? D'Europäesch Gemeinschaft huet gesot: 20% reduzéieren. An do deklinéiert sech dat Ganz op Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg huet och gesot, et géif reduzéieren, an dat och ëm 20%, awer net par rapport zu 1990, mä par rapport zu 2005. An där neier Period bis 2020 muss Lëtzebuerg eben déi Efforte maachen.

Zu der legislativer Prozedur nach dräi Datumen. De 24. Juni 2014 gouf dëst Gesetz déposéiert. Den 21. Oktober 2014 huet de Statsrot säin Avis gesot. An den 30. September huet d'Chambre des Métiers och eppes gesot. An den - also véier Datumen - 20. November gouf ech als Rapporteur zu dësem Projet ernannt.

De Conseil d'État huet gesot, dass déi Zweek-Drëttel-Majoritéit hei muss genannt ginn. Den Här President huet dat scho virdu gesot. D'Chambre des Métiers hat a sech keng Observatioun.

Dofir géif ech mengen, dass deen Accord, wou et sech just ëm een Artikel handelt, och vun eis sollt kënnen mat grousser Majoritéit gestëmmt ginn. An ech bréngen dofir och den Accord vun der grénge Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mer am Ufank, wéi dat hei am Haus übblech ass, dem Henri Kox Merci ze soe fir dee schréfftlechen an och säi mëndleche Rapport. Hie wor a senge Gedanken an Ausféierung ganz wäit gaangen. Ech wëll dozou näischt méi bäifügen, wollt awer am Numm vun der CSV mer e puer Gedanken zum Klimawissel maachen.

Mir hunn hei gesot kritt, dass am Kyoto-Protokoll en Amendement gemaach ginn ass. An deen ass jo awer esou geplangt, dass en 2020 zu Enn soll kommen. Mä maache mer eis dach näischt vir: Wann deen zu Enn soll kommen, de Klimawissel geet virun! Zënter dem Akraafttriede vun dësem Protokoll am Joer 2005 sinn d'Dreifhausgasen net erofgaangen, mä au contraire, si sinn eropgaangen. All Joers hu mer en neie Rekord gebrach. An dat kënnt, well an der ganzer Welt, a ville Schwellelänner och mëttlerweil fossill Energien agesat ginn.

Momentan bedroen d'Emissiounen schonn 43 Milliarden CO₂-Equivalent. Dat si 50% méi wéi 1992! Dobäi war den Energieverbrauch an de leschte Joren duerch d'Kris erofgaangen. Interessant op alle Fall: Wann een dës Emissiounen op d'Weltbevölkerung iwwerdréit, da leie mer bei sechs Tonne pro Kapp! Dem Weltklimarot no, deen elo kuerz ugesprach ginn ass, mussen déi awer bis 2050 op 20 Milliarden erofgedréckt ginn, dat heescht nach just zwou Tonne op de Kapp fir déi Leit, déi dann nach liewen. Ech net méi, mä déi Jonk vun eis, déi liewen dann nach.

An der Europäescher Unioun ass d'Moyenne néng Tonne. A Lëtzebuerg huet natierlech ëmmer e Spëtzwäert vu 27 Tonne. Do kënnt Der lech virstellen, wat fir eng Aarbecht virun ons läit, fir op zwou Tonne während deenen nächste Joren erofzuegoen. An dobäi huet dann d'Europäesch Unioun, dat muss een awer soen, vill gemaach, well mir hunn nach just 11% vun de weltwäiten Emissiounen.

De Cocktail vun de géftege Gasen an der Atmosphär huet negativ Auswierkungen, Dir wësst et: Waasserknapheet, Iwwerschwemmungen an esou virun, d'Uklamme vum Mieressniveau. D'Joer 2014, et ass elo grad gesot ginn, dat lescht Joer war dat wärmstent zënter de Moossungen, zënter 1854. Dobäi huet Lëtzebuerg souguer och seng Moyenne ëm 1,5 Grad eropgehuewen. A mir kënnen hoffen, dass et net esou weidergeet!

Bei der rezenten Ëmweltkonferenz zu Lima, wou d'Madame Ministesch jo derbäi war, ass zu Recht bemängelt ginn, dass déi gutt Usätz am Kyoto-Protokoll net weider befollegt si ginn. Et ass nach schlimmer agetratt: Vill Länner hunn opgehele matzemaachen, si souguer aus dem

Protokoll erausgetrueden. An domadder huet d'Effikassitéit jo och ofgehall.

Wa mer keng Remedur maachen, dann ass dat Zil, dat mer eis ginn, 2 Grad net ze iwwerschreiden, net haltbar! An d'Klimatologe soen eis jo schonn, dass et wahrscheinlech dräi bis véier Grad wäerte méi ginn. Mir hunn also hei d'Ausmoossungen total verfeelt (veuillez lire: d'Ausmooss total ënnerschätzt!)

An de leschte Joren, muss een awer soen, sinn awer hei a Lëtzebuerg e puer Moosnamen ergraff ginn. Mir sollen net maachen, wéi wann näischt geschitt wier. Mir hunn am Amendement festgehale, et ass elo grad gesot ginn: Eng éischt Period, do sollte mer ëm 5% erofgoen; déi zweet Period, do sollte mer ëm 18% erofgoen. D'Europäesch Unioun als Virreider seet: „Mir maachen 20%.“ A si wëllt souguer 40% maache bis 2030. Also, mir ginn eis do ganz ambitiéis Ziler! Hoffe mer, dass déi aner matmaachen.

Niewent dem ETS-Zertifikatiounssystem fir d'Industrië mussen awer och déi aner Beräicher, d'Net-ETS, Mesuren ergräifen, fir den Energieverbrauch erofzesetzen an domadder och dann d'Dreifhausgasemissiounen.

Ech dierf awer drun erënneren, wat e bëssen dramatesch ass, dass mëttlerweil d'Tonn vun CO₂ mat manner wéi 5 Euro gehandelt gëtt. An et war tabléiert ginn, haut wiere mer bei 30, 40; also wäit ewech dovunner! An dat mécht d'Saach och net einfach. Bis zum Joer 2020 muss de Präis eropgehuewen ginn, well mer probéiere jo, iwwerall Reduktiounen anzeféieren.

Am Bau hei am Land ass ganz kloer en Dréi geholl ginn, well mer duerch Passivhaus- an Niddregenergiebauweis virukommen. An ech muss och soen, de Klimapakt hei am Land huet a bal 106 Gemenge gegraff. An et kann ee jo nëmmen houfreg sinn, dass d'Leit um Terrain matmaachen.

Ee Beräich awer, wou mer versot hunn - ech géif do soen, mir hu kollektiv versot -, ass de Verkéier. Ech dierf just drun erënneren: Am Joer 1998, do hate mer 9,8 Milliounen (veuillez lire: 9,8 Milliounen Tonnen) Emissiounen. An dat war minus 28%, déi mer eis selwer ginn haten. Mä leider ass doropshin awer den Tanktourismus esou geklommen, dass mer haut erëm bal bei 12 Milliounen leien.

Eng kleng Note nach dozou. D'Europäesch Kommunikatioun 689 aus dem Joer 2014 huet gesot gehat, Lëtzebuerg wäert seng Ziler bis 2020 ëm plus 23% iwwerschreiden. D'europäesch Moyenne ass minus 1%. Dir kënnt lech virstellen, wat mer do erëm eng Kéier eng Aarbecht virun ons hunn! An ech denken, dass d'Madame Ministesch e puer Wuert dozou wäert soen.

Si soen och an hirem Pabeier, der Kommunikatioun: Mir mussen eis Kraaftstoff eroptaxéieren. Wéi mer dat hei maache wäerten, dat soll da gemeinsam organiséiert ginn. Mä ech denken, d'Etüd „Tanktourismus“, déi wäert eis do nei Weeër soen. An ech soe ganz kloer: De Klimawandel, net all Mënsch erkennt dat, do muss awer - an ech mengen, dat maachen déi meescht Leit mat - e Mentalitéitswandel kommen!

Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech wollt just soen, wa mer eis net ustrengen, da wäerten déi Käschten, déi hei ufalen - net fir ons, fir mech, mä fir meng Kanner oder fir Är Kanner a Kandskanner -, ganz grouss Käschten erviruffen. A mir kënnen hoffen, dass deen nächste Vertrag zu Paräis hei en neit Resultat wäert bréngen!

An ech bréngen den Accord vun der CSV mat a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Oberweis. Dann huet den Här Roger Negri d'Wuert gefrot.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Henri Kox e grouesse Merci fir seng Rapporten, déi mëndlech, schréfflech, déi ganz komplett waren. An dofir wëll ech och just e puer Wieder aus der Siicht vun der LSAP soen.

Mir stinn effektiv virun enger duebeler Erausforderung, souwuel hei zu Lëtzebuerg wéi als Member vun der Europäescher Unioun. An och wann de Klimaschutz aus der politescher Aktualitéit verschwonnen ass, ass en nach ëmmer do an e gëtt net méi kleng, wat mer méi laang waarden.

Mir hunn zu Doha leider misse feststellen, dass zwee Länner haaptsächlech, d'USA a China,